ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Säit dem 17. Dezember gëllt am Sport den 2G, dat souguer bei Eenzelsportarten, wéi dem Fitness. De Sport spillt awer och eng wichteg Roll, fir d'Gesondheet vun de Leit ze schützen. Nieft der kierperlecher Aktivitéit hëlleft de Sport ville Leit, fir Stress ofzebauen a motivéiert sech méi gesond ze ernieren an op de Konsum vu gesondheetsschiedleche Substanzen ze verzichten.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi goufen déi divers negativ Konsequenze vum 2G am Sport géint deen erhoffte, positiven Impakt en vue vun der COVID-Situatioun an der Analyse vun der Regierung géinteneen ofgewien? Kann d'Madamm Minister an deem Sënn matdeelen, wéi vill Leit säit dem 1. Mäerz 2020 noweislech an Zesummenhang mam Sport positiv op de COVID-19 getest goufen?
2) Gesäit d'Madamm Gesondheetsminister de Risiko, datt den 2G am Sport am Zesummespill mam allgemenge Stress deen d'COVID-Moossname mat sech bréngen, zu engem erhéichten Drogekonsum a Gewaltbereetschaft, besonnesch, awer net nëmme bei jonke Leit wäerte féieren? Wann net, wéi begrënnt d'Madamm Minister hir Positioun?
3) Gesäit d'Madamm Gesondheetsminister de Risiko, datt den 2G am Sport am Zesummespill mam allgemenge Stress deen d'COVID-Moossname mat sech bréngen, zu enger weiderer Iwwerlaaschtung vun de Psychiatrië wäerte féieren, well vill Leit hiren alldeegleche Stress net méi an deem néidege Mooss ofbaue kënnen? Wann net, wéi begrënnt d'Madamm Minister hir Positioun?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten